

Dem Elchi säin Newsletter

Léif Slufinas a Slufis,

den Elchi mellt sech déi éischte Kéier fir dëst Joer mat den neisten News aus dem Schwarzwald.

Als éischt e riiiiiisege Merci u jiddereen, de sech trotz Corona getraut hat, den 22. Dezember owes op Miersch an d'Fabrik ze kommen, oder den Elchi dobäi éännerstëtzzt huet, fir Lëtzebuerg e Stéck Schwarzwaldkultur méi no ze bréngen! Et war (wuel op verschidde Manéieren) en onvergiesslechen Owend a mir si scho ganz op déi nächst Editioune gespaant.
#MerciXavierMerciZürcher #MamSlufAmSuff

Déi meescht Leit kruten et an Zwëschenzäit bestëmmt scho mat: den Elchi huet sät der AG den 19. Januar 2022 en neie Comité. VOLLgend Leit këmmere sech iwwert dat nächst Joer dann dorëms, datt dir och weiderhin är Owender mam Sluf am Suff verbrénge kënnt :P



Liz Brassel – Presidentin

Grégory Kieffer – Vize-President / Kommunikatioun

Anna Giampaolo – Sekretärin / Merch

Fabien Kohnen – Tresorier

Catherine Theisen – Design / Merch

Jacques Theisen – Eventmanagement

Maurice Thomé – Sportminister

Nicolas Maityr – Merch

Niels Jansen – Sponsoring / Kommunikatioun

Tom Theis – Kommunikatioun

Yves Lucas – Merch

Fabienne Schandel – Kooptéiert / Sponsoring

Loïc Wohl – Kooptéiert

Dann ass och dem Elchi seng Pullover-Bestellung ukomm. Vill Leit kruten hire schonn, un all déi aner Leit ass kierzlech e Message per Email oder Facebook eraus gaangen. Leider huet d'Commande vun den Trikote misste stornéiert ginn, well do eppes schif gaangen ass. Dozou an de nächste Wochen a Méint méi.

Soss ass déi lescht Wochen net all ze vill gelaf. Am Januar konnt d'Straba wéinst Corona leider net organiséiert ginn, an och de Bowling huet missten ofgesot ginn. De Stammdësch war awer wéi gewinnt all Mëttwochowend am Cheers – och an der Klausurephas. Den Elchi wëll drop opmierksam maachen, datt hie net all eenzele Stammdësch annoncéiert. De Stammdësch ass jo u sech e wéchentleche Rendez-vous fir all d'Lëtzebuerger*innen, deen och weider besteet, wa vläicht emol keen aus dem Comité do ass. Falls een sech awer herno net eleng am Cheers erëm fanne wëll, da kann ee gären an den diverse Facebook-Gruppe ronderëm froen.

Obwuel et elo iwwert d'Klausurephas e bësse méi roueg virugaangen ass, war de Comité net um faulenzen. De 26. Februar hunn eng Rëtsch Leit bei der Ouverture vun Esch2022 gehollef. E grousse Merci do och un déi Memberen, déi dem Comité ausgehollef hunn: eisen Tresorier ass ganz frau mat iech! :*

An dann huet de Comité natierlech och schonn dat nächst Semester virbereet. Paakt also är Agenda aus, fir datt dir direkt déi wichtegst Datumer vum Summersemester 2022 androe kënnt!

8. Abrëll	Student fir 1 Dag
27. Abrëll	Summer Boum
7. an 8. Mee	Spikeball-Intercercle
11. Mee	Ersti-Daf
28. Mee	ING-Marathon !!!
1. Juni	Pubquiz
23. Juni	Nationalfeierdag
1. Juli	Wäifest
8. Juli	Studentebal
13. Juli	Straba-Party
23. Juli	Grillfest
12. bis 14. August	35 Joer SLUF
TBA	Soccergolf
TBA	Wanderdag

De **Stammdësch** wäert och am Summersemester weiderhin **all Mëttwoch am Cheers** stattfannen.

Den 8. Abrëll komme Lycéesschüler*innen op Freiburg fir d'Uni gewisen ze kréien an d'Stad kennen ze léieren. Zesumme mat der ACEL huet de Comité e flotte Programm op d'Been gestallt a mir hoffen, datt mir eisem Besuch d'Stad an de Studium schmackhaft maache kënnen. De Comité ass op d'Hëllef vu verschiddene Leit ugewisen, fir datt si hire Studium virstelle

kommen. Villmools Merci jidderengem, dee mir kontaktéiert hunn an deen eis dobäi wäert hellefen!

De 27. Abrëll starte mir dann all zesummen am Cheers an dat neit Summersemester op eiser Summer Boum alias dem *Hot Sluf Summer!* Loosst iech se net entgoen! Gutt Stëmmung a Vulle garantéiert!

Haalt iech w.e.g. all virun allem schonn emol den 28. Mee fir den ING Marathon fräi!!!
Do si mir nämlech op är Hellef ugewisen, fir eng Hand mat unzepaken!

Mat dem flotten Teaser loosSEN ech iech. Jidderengem nach vill Erfolleg bei de rechtlichen Examen, Abgaben oder einfach vill Spaass beim relaxen an der Vakanz.

Bis deemnächst,
Ären Elchi